N°3731
Entrée le 27.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°3731 du 5 mars 2026 de l'honorable député André Bauler au sujet de la hausse des prix du pétrole et du gaz**

1. **Wéi schätzt den Här Minister déi kuerzfristeg Entwécklung um Gas- a Pëtrollsmaart an?**

   D'Situatioun am Mëttleren Oste bleift weiderhin héich volatil a verzeechent eng zousätzlech Onsécherheet opgrond vun Attacken op Energieinfrastrukturen an der Regioun. Wärend déi global Gas- an Uelegmäert mat bedeitenden Präisspréng reagéiert hunn, bleift de vollen Ëmfang an d'Gréisst vun de Konsequenze fir d'global Energiemäert nach ofzewaarden.
   Kuerzfristeg, an esou laang den Detroit vun Hormuz gespaart ass, wäert sech un där Situatioun näischt änneren.
   De Ministère suivéiert déi ganz sérieux Situatioun intensiv an am enken Austausch mat eisen Nopeschlänner, der EU an der Internationaler Energie Agence (IEA).

2. **Wéi bewäert den Här Minister d'Decisioun vun der däitscher Regierung, fir d'Kartellamt mat enger Préiwung ze beoptragen?**

   Déi Decisioun betrëfft Lëtzebuerg net direkt.

3. **Wéi kéint sech d'Hausse vun de Präisser vum Pëtrol a vum Gas an Däitschland op déi lëtzebuergesch Präisser auswierken?**

   Wat Pëtrolsproduite betrëfft, huet Lëtzebuerg ee System vu Maximalpräisser. Dës Maximalpräisser ginn op der Basis vun den internationale Cotatioune berechent an et besteet keen direkte Lien mat de Pompelpräisser an Däitschland. Deementspriechend huet d'Hausse vun de Präisser an Däitschland och keng Auswierkungen op déi lëtzebuergesch Maximalpräisser.

   D'Variatioune vun de Gaspräisser am däitsche Grousshandelsmarché (THE), sou wéi och déi um belschen Handelspunkt Zeebrugge (ZTP) oder op der hollännescher Handelsplattform (TTF) sinn enk matenee liéiert. Et sief bemierkt, dass de Gas, deen zu Lëtzebuerg verbraucht gëtt, haaptsächlech iwwer d'Belsch importéiert gëtt. De Gas deen an d'Transitland Belsch importéiert gëtt, gëtt erëm zu 60-70% an Nopeschlänner (haaptsächlech Däitschland) weider exportéiert. D'Präisser déi d'Fournisseuren hiren Endclienten ubidden hänken natierlech staark vun den Entwécklungen op den internationalen Mäert of, awer och vun den Akaafsstrategien vun dëse Fournisseuren, dat heescht wéi si mëttel- a laangfristeg op den europäesche Gasmäert akafen, fir de Risiko vu Präisvolatilitéit bei den Endclientspräisser sou kleng wéi méiglech ze halen. Wann an Däitschland d'Fournisseuren d'Präisser bei hiren Endclienten erhéijen, huet dat keen direkten Afloss op Lëtzebuerg.

Luxembourg, le 27/03/2026
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l’Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles